PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 31/03/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister weiderzeleeden.

Am Virfeld vun de Chamberwalen 2018 hat de Premier de franséische President Macron, den deemolege belsche Premier Michel an den hollännesche Premier Rutte op Lëtzebuerg invitéiert. Mam franséische President gouf de 6ten September 2018, dann och een Evenement an der Philharmonie organiséiert. De franséische President grad ewéi de Premier gehéieren der Fraktioun vun de liberale Parteien an der EU un.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Plangt de Premier, och dëst Joer erëm een Evenement mam franséische President ze organiséieren?
    - Wa jo, wéini soll dëst stattfannen a wat soll de Sujet vun dësem Evenement sinn?

2. Kann de Premier garantéieren, dass Evenementer mat auslännesche Staatsvertrieder net fir Walkampfzwecker genotzt wäerte ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten